

Aufgabestellung fir d'Héierverstoen

Virum Lauschteren: Virentlaaschtung

Bei der Virentlaaschtung ginn d'Apprenanten op de Lauschtertext preparéiert. Virwësse gëtt aktivéiert an eng Erwaardungshaltung gëtt opgebaut. Si kréien déi néideg Informatiounen, wat den Inhalt, d'Struktur an de Vocabulaire betrëfft.

Dës Aufgabe gi meeschtens am Grupp geléist.

- Informatiounen zum Thema sammeln, Wëssen zesummendroen, Erfahrungen austauschen
- Iwwer d'Textzort an d'Struktur vum Lauschtertext schwätzen: z. B. Interview, Virtrag, Märchen ...
- Iwwert een ausgewieltent Element schwätzen: Titel, Schlësselwuert, Schlësselsaz, Plaz(en), Biller, Figuren
- Schlësselwierder bzw. zentral Expressiounen beschwätzen oder nosichen
- Hypotheesen iwwert den Inhalt opstellen unhand vum Titel oder vun engem Bild
- D'Zesummeffaassung vum Lauschtertext beschwätzen

Iwwert dem respektiv direkt nom Lauschteren: den Inhalt erfaassen a verdéiwen

D'Apprenantë müssen dës Opdrägg virum Lauschtere kennen, fir datt si wëssen, op wat si sollen oppassen. Méi laang Sequenze kënnen a méi kleng Abschnitter ënnerdeelt ginn. Opdrägg zum geziilten, globalen an detailléierten Héierverstoe kënnen gemëscht virkommen. Dës Opdrägg solle fir d'éischt individuell geléist ginn an duerno zu zwee oder am Grupp verglach an eventuell completéiert ginn.

Geziilt Héierverstoen (bestëmmt Textinformatiounen sichen, sammeln a verstoen)

Beim geziilten Héierverstoe müssen d'Apprenantë bestëmmt Informatiounen eraushéieren a verstoen. Si wëssen dobäi genau, ëm wat fir Informatiounen et sech am Lauschtertext handelt.

- Spezifesch Informatiounen notéieren
- Informatiounen op enger Lëscht ofhaken, markéieren oder ukräizen
- Aussoe bestëmmte Persounen zouerdnen

Globaalt Héierverstoen (Gesamtausso vum Lauschtertext verstoen)

Beim globalen Héierverstoe müssen d'Apprenanten d'Gesamtausso vum Lauschtertext verstoen. Detailer an de vollstännege Vocabulaire vum Text kënnen ignoréiert ginn. Schlësselwierder müssen awer bekannt sinn.

- De ganze Lauschtertext lauschteren an d'Thema erkennen, d'Haapttheemen notéieren, d'Stëmmung erfaassen
- Duerch en éischt Lauschteren d'Iddien oder d'Hypothese vu virum Lauschtere confirméieren
- Biller, Stéchwierder oder Textausschnëtter an déi richteg Reiefolleg bréngen
- Evenementer op engem Zäitstral festhalen
- Mathëllef vu Stéchwierder oder Biller erzielen, ëm wat et geet
- Sequenze verschiddenen Ënnertitelen zouerdnen oder nummeréieren
- Zu all Sequenz ee bis zwee Stéchwierder, Sazdeeler oder Sätz notéieren
- Global Aussoe beurteelen, z. B. an enger Tabell fir unzekräizen
- An enger Lëscht falsch Aussoen identifzéieren a richtigstellen

Detailliert Héierverstoen (genaut a komplett Verstoe vun den Informatiounen)

D'Apprenantë verstinn d'Informatiounen komplett a genau, nodeem si den Text e puermol gelauschtert hunn. Hei ginn éischter kuerz Lauschertexter oder Sequenze vun engem Text benotzt.

- Detailliert Aussoe beurteilen, z. B. an enger Tabell fir unzepräzisen
- Detailliert Froen zum Text beäntweren
- Detailliert Froen zum Text formuléieren, se engem anere ginn, fir drop ze äntweren, d'Äntwerte kontrolléieren
- Aussoen an eng Tabell oder eng Mindmap androen
- Selwer eng Tabell oder eng Mindmap opstellen an Aussoen uerdnen
- Skizzen zeechnen a beschrëften
- An engem Lückentext wichteg Sazdeeler ausfüllen
- Eng Sequenz paraphraséieren
- Eng Ausso wiertlech erëmginn
- Mathëllef vun Notizen eng Zesummeffaassung schreiwen oder erzielen

Nom Verstoen: den Inhalt erweideren

Bei der Inhaltserweiderung gëtt den Inhalt vum Lauschertext oder en Deel dovun weiderentwéckelt, reflektéiert an/oder memoriséiert. Dobäi setzen d'Apprenantë sech kritesch mat den Inhalter ausernee. Dëst kann a Form vun enger Diskussioun, Stellungnam asw. geschéien. Net all Text eegent sech fir eng Inhaltsverdeiwung.

- Zum Thema Stellung huelen, déi eege Meenung formuléieren
- Perséinlech Erfarungen an eventuell kulturell Ënnerscheeder beschreiwen
- Virgeschichte oder Fortsetzung zum Text erfannen
- Eng Parallelgeschichte erfannen

Quell: Adaptéiert no www.iik.ch / Mita Rai - von Siebenthal, Claudio Nodari

Aufgabestellung fir d'Liesverstoen

Virum Liesen: Virentlaaschtung

Bei der Virentlaaschtung ginn d'Apprenanten op de Liestext preparéiert. Virwësse gëtt aktivéiert an eng Erwaardungshaltung gëtt opgebaut. Si kréien déi néideg Informatiounen, wat den Inhalt, d'Struktur an de Vocabulaire betrëfft.

Dës Aufgabe gi meeschtens am Grupp geléist.

- Den Titel genau verstoen
- Den Titel an eventuell Ënnerstitel liesen an Hypotheesen opstellen, wat am Text kéint stoen
- Opgrond vu Biller Hypotheesen zum Thema opstellen
- Informatiounen zum Thema sammeln (Wëssen zesummendroen, Erfarungen austauschen)
- Iwwert d'Textzort schwätzen, mat scho bekannten Textzorte vergläichen
- Iwwert déi grafesch Gestaltung schwätzen (Abschnitter, Kolonnen, Längt vun den Zeilen, Schrëft, Faarwen)
- Iwwert en ausgewieltent Element schwätzen (Foto, Illustratioun, Plaz ...)
- Ausgewielt Schlësselwierder beschwätzen an nosichen
- Opgrond vun deene Schlësselwierder Hypotheesen opstellen, wat am Text kéint stoen
- Sätz oder Formuléierungen, déi am Text eng zentral Roll spillen, beschwätzen
- Zesummeffaassung vum Text liesen an driwwer schwätzen

Iwwert dem respektiv direkt nom Liesen: den Inhalt ernaassen

Den Text ka jee no Zilgrupp a jee no Längt an e puer Partien ënnerdeelt ginn. Opträg zum geziilten, globalen an detailléierte Liesverstoekënne gemëscht virkommen. Dës Opträg solle fir d'éischt individuell geléist ginn an duerno zu zwee oder am Grupp verglach an eventuell verbessert oder completéiert ginn.

Geziilt Liesverstoek (bestëmmt Textinformatiounen sichen, sammeln a verstoek)

Beim geziilte Liesverstoek müssen d'Apprenantë bestëmmt Informatiounen fannen a verstoek. Si wëssen dobäi genau, no wat fir Informatiounen si am Text sichen.

- Spezifesch Informatiounen markéieren
- Informatiounen aus dem Text op e Bild (Diagramm, Grafik, Illustratioun) androen
- Elementer, déi zesummegehéieren, matenee verbannen: Textstell-Bild, Textstell-Stéchwuert, Textstell-Synonym
- Bestëmmt Informatiounen aus dem Text op enger Lëscht ofhaken
- Direkt Ried mat verschiddene Faarwe markéieren an de Persounen zouerdnen (Wie seet wat?)

Globalt Liesverstoek (Gesamtausso vum Liestext verstoek)

Beim globale Liesverstoek müssen d'Apprenanten d'Gesamtausso vum Liestext verstoek. Dobäi ass et net schlëmm, wa si vill Wieder oder Detailer net oder net ganz verstinn.

- De ganzen Text séier duerchliesen, onbekannt Wieder klären an nach eng Kéier liesen
- Den Abschnitter Zwëschentiteln zouerdnen
- Den Oflaf vun deem, wat geschitt, op engem Zäitstral notéieren
- Biller oder Stéchwierder zum Liestext an déi richteg Reiefolleg setzen
- Zu den Abschnitter eegen Zwëschentitele schreiwen
- Een Abschnitt mat e puer Stéchwierder oder Sätz an eegene Wieder zesummeffaassen

Detailléiert Liesverstoen (genaut a komplett Verstoe vun den Informatiounen)

D'Apprenantë verstinn d'Informatiounen komplett a genau, nodeem si se e puermol gelies hunn. Hei ginn éischer kuerz Texter oder Textabschnitter benotzt.

- Detailléiert Aussoe beurteilen: Tabell fir unze Kräizen: richtig / falsch / dat steet net am Text
- Detailléiert Froen zum Text beäntweren
- Detailléiert Froen zum Text formuléieren a mat aneren austauschen, fir drop ze äntweren
- D'Plazen am Text markéieren, wou bestëmmt Informatiounen stinn
- Informatiounen an eng Tabell, Illustratioun, Grafik androen
- Zu engem Abschnitt eng Tabell, Grafik, Skizz selwer erstellen an Informatiounen androen
- Mathëllef vu Stéchwierder oder Biller noerzielen
- Mathëllef vu selwer zesumme gestallte Stéchwierder oder Biller noerzielen
- Eng Zesumme faassung schreiwen

Nom Verstoe: den Inhalt erweideren

Bei der Inhaltserweiderung gëtt den Inhalt vum Text oder en Deel dovun weiderentwéckelt resp. reflektéiert. Dobäi setzen d'Apprenantë sech kritesch mat den Inhalter ausernee. Dëst kann a Form vun enger Diskussioun, Stellungnam etc. geschéien. Net all Text eegent sech awer fir eng Inhaltsverdeiwung.

- Weider Informatiounen zum Thema nosichen an dokumentéieren
- Iwwer bestëmmt Inhalter vum Text seng Meenung soen an diskutéieren
- Änlech Artikele matenee vergläichen

Quell: Adaptéiert no www.iik.ch / Mita Rai - von Siebenthal, Claudio Nodari

Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2 Dossieren 1 – 3

INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023



All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) dierfe fir Unterrechtzwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se dierfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn. Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benutzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, dierfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)

Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)

Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig

Korrektorat: Myriam Welschbillig

Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité

Tountechnik: IP Luxembourg

Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)

Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grouse Merci un all déi Persounen, déi matgeholfen hunn, dese Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-06-5

